# De Client am Mëttelpunkt

## Bei CLK ass Innovatioun e Qualitéitsfacteur

CLK ass eng Traditiounsfirma déi zënter 35 Joer hei zu Lëtzebuerg héichwäerteg schlësselfäerdeg Haiser baut.

Iwwer 1 300 Haiser huet CLK schonns gebaut a mir si mat déi éischt, déi sech un de Bau vu Passivhaiser gewot hunn. Haut profitéieren eis Clientë vun eiser grousser Erfahrung an dësem Beräich.

Fir dass mir eise Qualitéitsstandard hale kënnen, ginn all eis Mataarbechter permanent geschoult an an entspriechent Formatioune geschéckt. Esou goufen alleng am leschte Joer 1 750 Stonnen an ënnerschiddlech Formatiounen investéiert.




Fir eis ass et selbstverständlech ëmmer um neiste Stand vun der Technik ze sinn an dat Wëssen direkt un de Client weider ze ginn. Zum Beispill si mir am Gang de système BIM (Building Information Modelling) ze studéieren. Hei gëtt de Projet vun Ufank un am 3D konzipéiert an erlaabt eng Verknëppung vun alle „corps de métiers“ déi mam Bau ze dinn hunn. Dat optimiséiert d'Kommunikatioun tëscht deenen eenzelnen Acteuren an hëlleft aktiv Feeler ze vermeiden.

CLK ass elo, als Zeeche vun eisem stännege Bestriewen nach méi no um Client ze sinn, vun der ServiceAcademy mat dem Label ServicePlus zertifiéiert ginn. Fir eis eng Bestätegung dass mir mat eisem Verständnes vum Service um Client um gudde Wee sinn.

Mir hoffen esou beschtens opgestallt ze si fir och déi nächst 1 300 Haiser no den individuelle Wënsch vun eise Clientë bauen ze kënnen.

- **Wohlgefühl vermitteln**
- **Respekt zollen**
- **Fachkompetenz bieten**
- **professionell handeln**

**CLK s.à.r.l**
2, zone industrielle – L-9166 Mertzig
www.clk.lu

**Service Academy a.s.b.l.**
info@serviceacademy.lu
www.serviceacademy.lu